

50 Joer Entwécklungszesummenaarbecht
vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer

50 Joer am Dingscht vun der ländlecher Bevölkerung an Afrika



50 ans de solidarité
avec l'Afrique

50 JOER Entwécklungsaarbecht

LËTZEBUERGER JONGBAUEREN A JONGWËNZER

Dëst Joer (2009) kann eis Organisatioun op 50 Joer Entwécklungszesummenaarbecht am Dingscht vun der ländlecher Bevölkerung an Afrika zrëckblécken, déi mat dem Engagement vun engem jonke Lëtzebuerger Bauer a Member vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer (LJB&JW) an der deemoleger Obervolta – haut Burkina Faso – ageleet gouf.

Op Initiativ vum deemolegen Nationalaumônier vun der LJB & JW, dem Pater Spoden sj, an op Ufro vun engem lokale Bëschof, huet den Tony Mailliet jonk Baueren zu Imasgo ausgebild an d'Schaffe mam lesel ganz staark a seng Aarbecht agebonnen. Sâi Beispill huet doropshin iwwer laang Joren weider jonk Lëtzebuerger motivéiert, fir sech aktiv géint d'Aarmut a verschiddene Länner a West- an Zentralafrika anzusetzen.

D'Joer 1959 stellt gläichzäiteg den Ufank duer vun enger breeder Sensibiliséierung vun der Lëtzebuerger Bevölkerung am Kampf géint den Honger an der Welt a fir d'Entwécklungszesummenaarbecht zugonschte vun de Mannerbemëttelten. Dëst huet och mat sech bruecht, datt innerhalb vun de Strukturen vum Mouvement vun de LJB & JW eng eegen ONG-D gegrënnt gouf.

Hilfe zu Selbsthilfe

Zënterhir huet d'Entwécklungszesummenaarbecht vun de LJB & JW hiere Wee gemaach an huet sech fest am Verbandslieden verankert an d'Leitmotiv „Hilfe zur Selbsthilfe“ ass iwwer déi ganz Zäit de roude Fuedem bei der Ëmsetzung vun deene sëllechen Kooperatiounsprojeten am ländlechen Afrika bliwwen.

Fir d'Spezifizitéit vun eiser Aarbecht ze belichten, wëlle mir an deenen nächste Méint op dëser Plaz eenzel Leit zu Wuert komme loosse, déi eis Entwécklungszesummenaarbecht marquiert hunn oder déi sech op iergend eng Manéier mat hir identifizéieren / identifizéiert hunn.

An deem Zesammenhang bidd et sech un, datt mir mam Nofolger vum Pater Spoden



Dee fréieren Nationalaumônier vun der LLJ an de LJB&JW, den Abbé Léon Kirsch

den Optakt vun dëser Serie vun Interview'en maachen. Den **Abbé Léon Kirsch** huet am Joer 1970 a senger Fonktioun als neien Nationalaumônier déi s'echer net einfach Aufgab iwwerholl, fir d'Entwécklungszesummenaar-

becht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer weiderzeféieren.

Hien huet sech spontan bereet erkläert, fir op eis Froen anzegoen an dem Lieser en Abléck an d'Situatioun vun der deemoleger Zäit ze ginn, wat déi konkret Ëmsetzung vun der Kooperatiounsaarbecht betrëfft.

Här Kirsch,

Am Joer 1970 hutt dir dem Pater Spoden séng Charge iwwerholl an hutt lech niewend deene „gäנגegen“ Aufgaben vum Nationalaumônier och mat der Entwécklungsaarbecht an Afrika misse vertraut maachen.

Wat huet et fir lech geheescht, d'Ierfschaft vun engem Mann ze iwwerhuelen, deen sech a Punkto Entwécklungshëllef um afrikanesche Kontinent e Numm am Baueremilieu gemaach huet?

Dee richtige Mann, op der richtiger Plaz an zur richtiger Zäit! – sou gouf vum Barack Obama gesot, bei senger Wiel zum 44. Prä-sident vun den USA.

An engem gewësse Sënn wëll ech dat haut, réckbléckend, och vum Pater Spoden sj. soen; Mat engem besonnesche Charisma, gedroe vun engem Glawen **der die Erde liebt**, wéi sâi grouse Jesuitebruder K. Rahner sot, mat Idealissem a Realitéits-Sënn a grousser Missiounsäifer huet hien d'Zeeche vun der Zäit erkannt a konsequent gehandelt. Et war jo d'Nokrichszäit, geprägt engersäits vun enger grousser

50. Anniversaire vun der Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer

50 Joer am Dingscht vun der ländlecher Bevölkerung an Afrika

Programm vum Jubiläumsjoer

Danksagungsmass	am Centre d'accueil zu Clairefontaine 29. Mäerz 2009, um 10 :30 Auer
Journée conviviale	am Centre d'accueil zu Clairefontaine 29. Mäerz 2009
Afrikanescht Duerf	Ausstellungsstand op der Foire Agricole 2009 vum 3. bis 5. Juli 2009
Publikatioun vu Souvenirs-Plaquettes an Toun a Bild mam Réckbléck op d'Entwécklungszesummen- aarbecht an Afrika vun de LJB & JW	Enn Oktober 2009
Séance académique	am Mierscher Kulturhaus 15. November 2009, um 14:30 Auer



materieller Nout, anerersäits vun enger immenser „geeschteger Opbrochstëmmung“ an der Welt an och an der Kierch (Ufank vum II. Vatikanesche Konzil); Dat alles läit elo schonn en halleft Jorhonnert zréck an dach ass et a mir nach ganz lieweg a präsent; De Père Spoden – oder besser de beléifte **Bauerepater** – bleiwt fir mech, als deen deemols nach jonke Geeschtlechen e wäertvolle Begleeder a Frënd, e grouse Brudder, vun deem ech villes geléiert hunn - e.a. datt een näischt Dauerhaftes realiséiert ouni **Begeescherung an Ausdauer**.

Perséinlech gouf den Engagement bei de **Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer** fir mech, grad just duerch den Aspekt vun der „Entwécklungszesummenaarbecht“ zur konkreter Verwierklechung vun engem Jugend-Dram, nämlech selwer an d’Missiounen ze goen.

Fir d’Organisatioun vun de LJB&JW war et am Fong déi logesch Konsequenz vun hierer Aarbecht heiheem, d.h. sech an den Dingscht ze setzen vun der Besserstellung vun der Landbevölkerung oder wéi de Pater Spoden ëmmer sot: **afin de lutter contre tout ce qui amoindrit l’homme**.

D’Entwécklungsarbecht gouf séngerzäit gréisstendeels duerch direkt Kontakter mat den Intresséierten an op Grond vu privaten Initiativen ënnerstëtzt. War dat Äerer Meenung no eng zolidd Basis fir gutt Aarbecht ze leeschten an de Besoin’en um Terrain gerecht ze ginn?

Vun Ufank u war et kloer, datt d’Entwécklungsarbecht net no europäischem Modell dierft duerchgefouert ginn; Dat war nëmme méiglech am enke Kontakt mat de Betraffenen, meeschtens duerch d’Vermëttlung an a gudder Zesummenaarbecht mat de Missionaren, déi d’Situatioun op der Plaz kann hunn; Duerch d’Präsenz vun eisen Entwécklungshelfer hate mir eng zousätzlech Garantie, déi bei den „Donateuren“ fir dat néidegt Vertrauen gesuergt huet: hei ass nämlech kee Geld a grouss, oniwiersiichtlech Projet’e gestach ginn an de „Suivi“ war garantéiert.

Genau wéi deemols stinn och haut déi regional Gruppen vun der Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer staark hannert den Aktivitéiten vun der ONG. Wéi huet dat sech zu Äerer Zäit bemierkbar gemaach?

D’Entwécklungsarbecht hat fir äis ëmmer 2 Volet’en: 1. den **Asaz „sur place“** an 2. **d’Informatioun an d’Motivatioun heiheem**.

Dëse leschten Aspekt loung natierlech op de Schëllere vun de regionale Gruppen, déi duerch Informatiounsowender a konkret Aktiounen, d’Leit heiheem sensibiliséiert hunn, grad ewéi och iwver d’Press, wou regelméisseg a Bild an an Text informéiert gouf. Well d’LJB&JW séngerzäit déi 1. Organisatioun am Dëngscht vun der sougenannter 3. Welt war, huet och eis Regierung e staarke

finanzielle Bäitrag zu den eenzelne Projet’e geleescht. **Am iwaregen waren et eis Gruppen, déi Drock op déi offiziell Instanze gemaach hunn, fir dat laangt fällegt Gesetz vum Statut vum Entwécklungshelfer.**

Eng wäertvoll Ënnerstëtzung fir äis war och ëmmer d’**Interesse vum groussherzoglichen Hoff** fir eis Aarbecht; de Grand-Duc Jean war op der Séance Académique vum Cinquantenaire, de Grand-Duc Henri an d’Grande-Duchesse Maria-Teresa op d’äer vum 75. Anniversaire vun de **Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer**. Méi ewéi eemol war eng Delegatioun vun de LJB a JW an Audienz am Palais oder am Schlass zu Fëschbech.

Am Joer 1977 sidd Dir mat engem Grupp vu Memberen vun der Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer op Djuma an de Congo (ex Zaïre) gefuer, fir

lech e Bild vun den Aarbechten um Terrain ze maachen an de Memberen vum Mouvement d’Geleeënheet ze bidden, fir sech mat de Gegebenheeten op der Plaz auserneen ze setzen. Wéi ass et zu dëser Initiativ kumm?

Oh! Dat war eppes ewéi **der Traum meiner schlaflosen Nächte**, well des 1. soug. „Afrika-Expeditioun“ hat wierklech nach eppes „Abenteuerliches“ u sech – an dach war et réckbléckend de Risiko wäert; dës Expeditioun (et waren 25 Lëtzebuurger Meechercher a Jongen mat 52 Valisen!) wéi all „Reesen“ duerno waren natierlech nëmme méiglech durch d’Präsenz „sur place“ vun eisen Entwécklungshelfer an an Zesummenaarbecht mat de Missiouns-Stationen. Eis Iwwerleeung war déi hei: Entwécklungsarbecht geschitt net nëmme „um Terrain“... et ass keng „Einbahnstrooss“ mee duerch

1959 – 2009: 50 Joer am Dingscht vun der ländlecher Bevölkerung an Afrika

Am Kader vum **50. Grënnungsjubiläum** vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun de Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer invitéiere mir all frëier an aktuell Memberen, Frënn a Sympathisante vun der **Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer** mat hire Familljen

ganz häerzlech op eng

Journée conviviale

e **Sonndeg, den 29. Mäerz 2009**
am **Centre d’accueil vu Clairefontaine**

31, rue du Cloître, B-6706 Clairefontaine / Arlon

Programm

- 10:30 Auer **Danksagungsmass** an der Kapell vu Clairefontaine
- 11:30 Auer **Apéro** am Centre d’accueil vu Clairefontaine
- 12:30 Auer **Mëttegiessen** (*Geliwwert vun der Boucherie Kirsch vun Äischen*)

- Menu A:** 35,00 €
Entrée: Assiette du pêcheur
Plat principal: Jambon de porcelet rôti au romarin, Pommes rissolées, légumes, salade
Dessert: Duo de mousses au chocolat / Bavaois de fraises / Café
- Menu B:** 15,00 €
Plat principal: Bouchée à la reine
Dessert: Crème glacée
D’Gedrénks ass am Präis mat abegraff.

Fir d’Umeldung biede mir lech, dee respektive Betrag op de Kont **CCRA LU77 0090 0002 0157 8002** vum Anniversairesjoer ze iwverweisen mam Vermierk: **Journée + Zuel vu Menüen**

Aus organisatoresche Grënn biede mir lech, äis d’Umeldung bis de 16. Mäerz 09 duerchzeginn!

- 14:00 Auer **Filmprojektioun**
 - Éischt Entwécklungsprojet an der Obervolta (1959): Marcel Scheidweiler
 - Visite vum Centre de Formation Rurale Lwono/N’sele-Mwedi am Congo (1985): Abbé Léon Kirsch

16:00 Auer **Kaffi a Gebuertsdagskuch**

De ganze Nomëtteg iwver ass fir Kanneranimatioun gesuergt.

D’**Journée conviviale** gëtt patronéiert vun der **Assurance LA LUXEMBOURGEOISE**





50 ans de solidarité
avec l'Afrique

50 JOER Entwécklungsarbecht

LËTZEBUERGER JONGBAUEREN A JONGWËNZER

den direkte Kontakt kritt d'Hëllef e konkret Gesiicht – dat souwuel fir déi Einheimesch, ewéi och fir déi bedeelegt Meedercher a Jongen; Si goufen zu wichtige „Multiplikateuren“ heiheem.

Wat huet dës Rees – an déi, déi dono a regelméisseg Ofstänn organiséiert goufen – fir lech duergestallt?

Bei dëser Fro komme mir perséinlech – a sècher och de bedeelegte Meedercher a Jongen – natierlech vill Erënnerungen. Mee et war virun allem eng wichteg Etapp, souzesoen d'Garantie vum Weiderbestoen vun der Entwécklungshëllef – och no der „Pionéierzäit“, an där – bedingt duerch déi deemoleg Struktur vun der Organisatioun, wou d'Responsabilitéit dach zimmlech eesäiteg op de Schëllere vun jeeleigen Aumônier lung. No dëser Reesen war et ville vun de Bedeelegte kloer: elo musse mir och selwer bereet sinn, méi direkt an deenen nei geschafene Gremien (A.s.b.l., ONG-D) matzeschaffen.

Iwregens hunn dunn och aner ONG'en d'Wichtigkeet vun esou Informationsreesen agesin; Sou schreiwen z.B. déi Verantwortlech vum Wierk Raoul Follereau no enger Rees mat de Schülerinnen vum Fieldgen: „maintenant elles témoignent de ce qu'elles ont vu“. Dës Erfahrung hunn och d'Lëtzeburger *Guiden a Scout*e gemaach.

Wat hunn dës Reesen Äerer Meenung no dem Mouvement bruecht?

Niewent dem perséinleche „Profit“ fir deen Einzelnen, hunn dës Reesen natierlech och dem Mouvement e besonnesche Cachet ginn; Nämlech déi Leit, déi selwer heiheem mat esou munneche berufleche Schwierigkeiten ze kämpfen haten (si goufen gären „Bierger 2. Klass“ genannt), déi hunn sech eng Eier draus gemaach, aus hierer chrëschtlecher Iwwerzeugung eraus, hir afrikanisch Frënn zu méi Menschinn ze verhëlfen.

Am Joer 1984 hunn déi Verantwortlech vun de Lëtzeburger Jongbaueren a Jongwënzer, d'A.s.b.l. LJB & JW – Service Tiers-Monde (haut Service Coopération) gegrënnt, fir d'Arbechten vun der Entwécklungshëllef juristesch ofzedécken. Wat huet déi Verantwortlech vum Mouvement séngerzäit beweegt, fir dës wichtige Schratt ze maachen?

Am „Memorial“ vum 9. Dezember 1984 goufen déi 1. Statute vun eiser ONG-D publizéiert. Stolz stungen do d'Nimm vum Nationalpräsidant, vum Aumônier als „administrateur-délégué“ a vun den Dekanatspräsidenten. Firwat dës A.s.b.l.?

50. Anniversaire vun der Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika vun de Lëtzeburger Jongbaueren a Jongwënzer

Bedeelegt och Dir lech un de Festlechkeeten vum 50. Anniversaire

Fir dës wichtige Jubiläum am Liewe vun der Organisatioun ervirzehiewen, huet den Organisationskomitee d'Publicatioun an Text a Bild vum Historique vun de 50 Joer Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika vun de Lëtzeburger Jongbaueren a Jongwënzer virgesinn. D'Broschür an den DVD ginn den Donateuren no der Séance académique vum 15. November 2009 zougestallt.

Mir wieren frou, lech zu deenen zielen ze dierfen, déi sech un de Festlechkeeten bedeelegen, doduerch datt Dir Member vun engem vun de folgende Komiteeën gitt. Sief et vum:

Comité des donateurs	bis 25,00 €
Comité d'honneur	vun 30,00 € un
Comité de patronage vun	vu 75,00 € un.

Fir d'Realisatioun vun der Broschür an dem DVD an de festgeluegten Delais'en ze garantéieren, wiere mir lech dankbar, wann Dir Äeren Don virum 1. Juni 2009 op de Konto vun der Raiffeisebank **CCRALULL LU77 0090 0002 0157 8002** géift iwverweisen mat dem Vermierk: **50 Joer Entwécklungsarbecht LJB & JW.**

Mir soen elo schon all deenen, déi duerch hir generéis Ënnerstëtzung zum Succès vum Jubiläumsprogramm bäidroen, en oprichtige Merci!

War bis elo de Finanzement vun de Projet'en eenzeg an alleng vun der Organisatioun gedroen, da war et elo méiglech – wann d'Organisatioun vum Staat unerkannt war (Agrément) – fir iwver de soug. „Co-financement“ mat der Regierung an zousätzlech mat der EU, de Budget quasi ze verdräifachen. Natierlech huet dat munnech „Contrainte“ mat sech bruecht, mee et ass awer derwäert; dat beweisen déi vill Projet'en, déi momentan durchgezu ginn.

Iwwer eng ganz Rei Joren huet sech Kooperatiounsarbecht vun eiser Organisatioun op deen direkten Asaz vun Entwécklungshelfer baséiert.

Dankbar dierfen d'LJB&JW souwuel op déi grouss Zuel, wéi op d'Qualitéit vun hieren „Entwécklungshelfer“ zrëckkucken. Eng Rei vun hinnen hunn de Risiko op sech geholl, ouni offiziell gesetzlech Ofsécherung e puer Joer vun hirer Jugend hirzeginn; Wat dësen Engagement fir si perséinlech bedeit huet, dariwwer wäerten si selwer erzielen.

E puer vun hinne waren „extra laang“ am Asaz. Hiren Numm bleiwt fir ëmmer verbonne mat groussaartege Realisatiounen (z.B. „Traction asine“, Bréckebau fir e besseeren Ofszaz vun de Produkter, Ausbildung vu jonke „Fermiers“, Asaz fir d'Besserstellung vun der Fra,...) An dësem Zesammenhang gëllt haut de spezielle Merci de Familljen vun eisen Entwécklungshellefer, fir hiert Versteesdemech.

Bis 1985 ass dësen Asaz net vum Lëtzeburger Staat ofgedéckt ginn. No an no ass vu politescher Säit de Wëllen entstanden, fir deem entgéint ze wierken an dem Entwécklungshelfer ee Statut ze ginn. Wéi hutt Dir

dës Prise de conscience gesinn, déi sech op politeschem Plang gemaach huet?

Ech erënnere mech un een Artikel, deen ech deemols geschriwwen hat, ënner dem Titel: „Eng Iddi geet hie Wee...“ Jo! Et war e wäite Wee, verbonne mat vill Gedold a Risiko, well et ass kaum auszedenken, wat geschitt wier, wann tatsächlech „eppes“ (d.h. e schwéiert Akzident) op der Plaz geschitt wier.“

Haut se mir besonnesch **deene Politiker dankbar**, déi de Courage haten, de Wee ze preparéieren, fir datt dëst Gesetz – mat deem deemols kéng Wieler-Stëmme ze rafe waren – konnt gestëmmt ginn. Ech denken dobäi besonnesch un d'Hären Jean Spautz a Jacques Santer. Humorvoll sief heizou folgend Anekdot ernimmt. An engem Bréif un den deemolege Staatsminister Pierre Werner haten d'Membre vun engem Afrika-Expeditioun geschriwwen: „Hier (also an Afrika) sind außer uns noch „Schwarze“.“

De Cercle des ONG-D feiert am Joer 2009 säin 30. Anniversaire. D'Lëtzeburger Jongbaueren a Jongwënzer ware Grënnungsmitglied. Wéi hu Dir d'Aufgab vum Cercle gesinn? Wéi gesidd Dir se haut?

Als praktesch, déi eelsten Lëtzeburger Organisatioun am Dingscht vun der Entwécklungsarbecht waren d'LJB&JW Grënnungsmitglied vum Cercle des ONG-D. Mir



waren deemols zu 6! Haut sinn et der 71. Si goufen no an no an de „Cercle“ opgeholl, woubäi ëmmer eng vun de Grënnungsorganisatiounen si „parrainéiert“ huet. Duerch dëse Gremium stunge mir dunn net méi alléng do, fir mat den offizielle Plazen ze dialogéieren; Och den Austausch ënner den ONG'en war elo méi regelméisseg, besonnesch am Hibleck op d' **Philosophie** vun der **Hëllef** – d.h. keng Fro vu „Caritas“ mee vu sozialer Gerechtegkeet – wéi och am Hibleck op d' **Education au développement**.

D'Entwécklungszesummenaarbecht, wéi se deemols verstane gouf, huet méttlerweilen staark geännert. D'Motivatioun fir wat d'Leit sech fir d'Aarbecht staark maachen, ass awer greisstendeels bliwwen. Wéi gesidd Dir haut d'Aarbecht, déi vun der ONG-D um Terrain duerchgefoert gétt?

Si muss sech um Mensch orientéieren; Et geet net alleng ëm dichteg Realisatiounen (Konstruktiounen, Infrastrukturen...), mee ëm de **Mensch a senger Würde als Persoun** an – aus eiser Siicht – och **als Geschöpf vum Härgott**; Entscheedend ass also de Geescht, aus deem eraus den Asaz geschitt. Dat muss scho beim Choix vun de Projet'en zum Ausdrock kommen; Esou kann z.B. de Bau vun enger Wasserleitung zur Liewesqualitéit vun engem Duerf bäidroen, ...

Wat sinn Äer Andréck, wann Dir d'Aarbecht vun haut mat där vun deemols vergläicht?

Dir wësst gutt, datt ee keng Äppel mat Biere vergläiche soll; Mee ech muss ganz



Den Abbé Léon Kirsch (lénks am Bild) am Joer 1977 mat engem Grupp vu Memberen vun der LLJ – JB&JW virun der prächtiger Coulisse vum Floss Zaire (haut Congo) zu Kinshasa

einfach a bescheiden meng éierlech Bewonnerung soen, fir déi Responsabel vun haut, fir hir Kompetenz an de Serieus, mat deem si – ënner ganz anere Bedingungen – e Wierk weiderféieren, op dat net nëmmen déi dynamesch Organisatioun vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer*, mee eis ganz Heemecht stolz kënne sinn.

Géift Dir äis niewent dëse Froen nach gären e puer Andréck matdeelen, déi Äerer Meinung no wichtig wieren, datt se ernimmt ginn?

Jo! Ganz gäer! Well et schéngt momentan net evident, an enger Zäit vun drohender Rezessioun, wou d'Haut méi no ass ewéi d'Hiem, iwwer d'Entwécklungszesummenaarbecht ze schwätzen an un eis Verantwortung vis-à-vis vun deenen Aermsten ze erënneren; Dobäi dierfe mir awer net vergiessen, datt och déi 50er Joeren – also d'No-Krichszäit – déi fir vill Mënschen hei-

heem gezechent ware vu materieller Nout a Suergen. An trotzdem sollt grad an där Zäit d'Geburtsstonn vun der „Entwécklungshëllef“ schloen!

Ofschléissend wäert et mer erlaabt sinn – a méngem perséinlechen Numm an am Numm vun der Organisatioun vun de LJB&JW, ganz besonnesch engem gudden Frënd, méngem Nofolger a jetzigen Nationalaumônier a Prësident vun der ONG-D, dem Leo Wagener e ganz härezeche Merci ze soen, fir säin onermiddlechen Asaz, nieft deene villen diözesanen Aufgaben, déi op him leien. Ech weess vu wat ech do schwätzen!

Der Organisatioun – a besonnesch der ONG-D – an hire Responsable wënschen ech weider „Begeeschterung an Ausdauer“.

Här Kirsch, am Numm vun eise Lieser soe mir lech ee grouse Merci fir dëst interessant Gespräich!

CEJA – Seminar in Utrecht, Niederlande

Europas Junglandwirte und die Marktsituation nach 2013

Werden wir 9 Milliarden Menschen ernähren können und wird die Lebensmittelsicherheit gewährleistet sein? Werden wir die fossile Energie ersetzen und den CO₂ aus der Atmosphäre binden können? Wer wird morgen unsere Landschaft schützen und wer wird das Rohmaterial für unsere Textilien produzieren?

Mit diesen Fragen begann das CEJA-Seminar mit dem Thema „Europas Junglandwirte und die Marktsituation nach 2013“, das vom 26. bis zum 29. November 2008 von der holländischen Mitgliedsorganisation *Nederlands Agrarisch Jongeren Kontakt* (NAJK) in Utrecht organisiert worden war. Carmen Schiltz, die stellvertretende Vorsitzende der Lëtzebuenger Landjugend und der Autor dieses Artikels vertraten den Verband der *Luxemburger Jungbauern und Jungwinzer* während des Seminars.

Aus der Sicht der Niederländer

„Wir sind Landwirte, die schnell reagieren. Mit viel Engagement werden wir den

Herausforderungen unserer Zeit entgegen treten können.“ Mit diesen Worten begann *Wilco de Jong*, Vorsitzender des NAJK's, seine Begrüßungsansprache. Er bemerkte, dass die Niederlande eine gut strukturierte Landwirtschaft vorweisen können. Probleme würden jedoch der Landmangel und die hohe Lohnkosten darstellen. Er verglich die Niederlande mit einer Badewanne. Es gälte gegen Wasser und Meer zu kämpfen.

Die Holländer seien gewollt, für den Weltmarkt zu produzieren. So fordern sie, dass die EU sie dabei unterstützt. Laut *Wilco de Jong* muss das niederländische landwirtschaftliche Unternehmen zu den leistungsstärksten Betrieben zählen (25 %) um längerfristig Bestand zu haben.

Die holländische Agrarministerin *Gerda Verburg* erwartet von den Junglandwirten, dass sie weiterhin auf kollegialer Basis zusammenarbeiten um die Anforderungen der globalen Märkte gerecht zu werden. Junglandwirte sollten die neuen Technolo-

gien (wie z.B.: Biotechnologie, GMO, Precision Farming, Bioenergie der 2. Generation) nutzen und sich viel Fachwissen aneignen. Junglandwirte würden die Gesellschaft mitprägen. Die Gesellschaft würde sich ihrerseits in den Tierschutz, den Pflanzenschutz oder die Tierhaltung einmischen. Die Stadtbewohner hätten jedoch des Öfteren ein Bild von der Landwirtschaft, das der Realität nicht entspricht. Darum sollten die Junglandwirte diese auf ihre Höfe einladen.

Die anschließenden Vorträge waren in 4 Themenbereiche aufgeteilt:

1. Europäische Junglandwirte und die Gemeinsame EU-Agrarpolitik

Herr *Hermanus Versteijlen*, Direktor in der Generaldirektion Agri der EU-Kommission, ging auf aktuelle Entwicklungen ein. Von 2006 bis 2007 hätten sich die Marktpreise fast verdoppelt, um dann im Jahre 2008 tiefer als vor 2006 zu fallen. Trotz der zweipro-



Das Ziel, auch weiterhin hochwertige landwirtschaftliche Produkte anzubieten, muss gewährleistet sein

zentigen Erhöhung der Milchquote würde in Europa nicht mehr Milch gemolken. Die Voraussetzungen auf dem Weltmarkt wären schlecht. Je mehr die EU-Preise an den Weltmarkt gekoppelt würden, desto größer seien die Fluktuationen. Die Integration des EU-Marktes in den Weltmarkt hänge von den WTO-Verhandlungen ab. Herr *Versteijlen* ging davon aus, dass die Getreidepreise langfristig höher sein werden als der Interventionspreis von 101,00 € je Tonne.

Die junge Europa-Abgeordnete *Esther de Lange* zählte zu den unmittelbaren Herausforderungen der EU: die Lebensmittel-, die Wasser- und die **Landwirt-Knappheit**. Nur 6 bis 7% der EU-Landwirte seien jünger als 35 Jahre. So frage sie sich, ob die Lebensmittelsicherheit überhaupt noch gewährleistet sei?

Herr *Josef Schmidhuber* von der Welternährungsorganisation FAO wies auf die Herausforderung hin, die die Ernährung der Menschheit darstelle. Die Hälfte der Menschen lebt augenblicklich in den Städten, die andere auf dem Lande. Die Bevölkerung in den Städten würde explodieren – auf dem Lande sei sie rückläufig. Es sei einfacher Leute in den Städten zu ernähren, da die Transportwege größtenteils gesichert sind (z.B. Nordafrika). Der Energiemarkt stelle den Lebensmittelmarkt jedoch auf den Kopf. Sei der Preis so, dass sich die energetische Nutzung lohnt, so sei die Nachfrage unendlich. Allein der Transportsektor könne die Erträge von 2/3 der Weltagrarfläche verschlingen.

2. Perspektiven für junge kompetitive Landwirte

Herr *Kees Wantenaar*, der Vorsitzende von *Campina*, einer großen Genossenschaftsmolkerei, die Marktführer bei Frischprodukten ist, ging auf die Situation auf dem Milchmarkt ein. Bis 2006 habe es nur leichte Preisfluktuationen gegeben. Ab diesem Zeitpunkt hätten sich die Preise überschlagen. Er meinte, die Milchproduzenten müssten noch einiges aus der Schweinezucht lernen. Man solle jedoch bedenken, dass sich die Situation hier anders gestalte, da die Zyklen länger sind. Der Gestehungspreis sei ein wichtiger Faktor. Jeder in der Kette

versuche die Kosten zu drücken. Sehr interessant war seine Aussage bezüglich der „totalen“ Liberalisierung des Milchmarktes an die er nicht glaubt.

Herr *Jos van Campen* wies auf die Auswirkungen der Zuckermarktreform hin. Bei der Reform wurden der Interventionspreis und die Produktion gekürzt. 3 Jahre danach kann man festhalten: 5 Länder sind aus der Produktion ausgestiegen, bei den anderen ist ein drastischer Rückgang zu verzeichnen. 80 Fabriken haben geschlossen. Heute wird noch in 108 Fabriken Zucker aus Rüben gewonnen. 60 Prozent der Produktion wird von Genossenschaften hergestellt. Die Bedeutung der Rübe als Energielieferant wächst stetig. Sie hat einen guten energetischen Wirkungsgrad.

Ein weiterer interessanter Markt ist der Blumenmarkt. Er ist nicht von der Politik abhängig und seit 40 Jahre liberalisiert. In den Niederlanden gibt es 5.200 Züchter und 2 Auktionsstandorte. Laut Herr *Dr. Doeke Faber*, Vorsitzender der holländischen Blumenauktionen, beruht der Erfolg der Auktionen auf 3 Pfeilern: Breites Sortiment mit 14.000 Sorten, viele Käufer mit viel Kaufkraft, die das Geld innerhalb einer Woche an den Produzenten bezahlt. Der Umsatz auf den 2 Auktionen beträgt insgesamt 27 Milliarden pro Jahr. 90 Prozent der holländischen Blumen bleiben in der EU.

3. Was wird die WTO uns in nächster Zukunft bringen?

Herr *Gerrit Meester* suchte Lösungen zur Frage: Was wäre wenn die WTO-Verhandlungen zu einem erfolgreichen Abschluss kommen? Er ging im Allgemeinen von höheren internationalen Preisen aus. Als Gründe dafür nannte er eine höhere Weltbevölkerung, mehr Kaufkraft, Gewohnheitsänderungen sowie eine wachsende Nachfrage an Bio-Kraftstoffe. Das Angebot würde jedoch durch die Verknappung von Wasser, den hohen Energiepreisen, dem Klimawandel und den geringen Investitionen in den letzten Jahrzehnten (vor allen in Afrika) eingeschränkt. In der EU sei vor allem die Lage für Zucker und Rinderfleisch nicht rosig, weil in diesen Sektoren die Weltmarktpreise tiefer

als die EU-Preise sind. Bei Weizen, Huhn, Butter oder Käse würden sich die EU-Preise kaum von den Weltmarktpreisen unterscheiden.

4. Lebensmittelsicherheit

Lebensmittelsicherheit heiße allen Menschen Zugang zu guten, gesunden, nährreichen Lebensmitteln zu gewährleisten, so definierte Herr *Huib Silvis* das Thema. Bei der Lebensmittelkrise im vergangenen Jahr sei vor allem eine Verknappung in vielen Schwellenländern festgestellt worden. Die Politiker würden nicht immer die Wahrheit sagen, die insbesondere während den Wahlkämpfen.

Frau *Helen Holder* von *Friends of the Earth* sprach über das Thema der GMOs. Der Anbau konzentrierte sich heute ausschließlich auf die USA, Kanada, Argentinien, Brasilien und Paraguay. Vor allem würden hier Soja, Mais und Baumwolle angebaut. Die Anbieter des genetisch veränderten Saatgutes würden den geringeren Einsatz von Pestiziden, höhere Erträge und höhere Gewinne für den Landwirt als Vorteile anpreisen. In der Praxis sei aber festgestellt worden, dass gewollte Resistenzen der GMOs sich mit Unkräutern kreuzen. Hier müssten dann zusätzliche, teurere und giftigere Pestizide eingesetzt werden um diese zu bekämpfen. Des Weiteren wurde festgestellt, dass es Mehrerträge vonnöten sind und die Produkte nährstoffarmer sind.

Der Journalist *Dirk Barrez* schlug vor, einen neuen Gesellschaftsvertrag abzuschließen. Hier sollen folgende 4 Punkte geregelt werden:

1. Die Landwirte müssen die Menschen ernähren;
2. Nahrungsmittel müssen gesund sein;
3. Landwirtschaft muss umweltfreundlich sein;
4. Landwirte müssen ein angepasstes, würdiges Einkommen bekommen.

Praktische Beispiele

Nach all den sehr interessanten Vorträgen stellten Junglandwirte ihre Betriebe vor: eine italienische Schäferin, ein deutscher Schweinezüchter, eine ungarische Saatguterzeugerin, ein spanische Ackerbauer und ein niederländischer Milchbauer. Auch beschrieben sie, wie sie sich ihren Hof in 20 Jahren vorstellen.

Über die Abschlusserklärung des Seminars wurde während eines halben Tages diskutiert, gestritten und entschieden. Der interessierte Leser kann die Abschlusserklärung unter www.ceja.org nachlesen.

Abschließend besuchten die Teilnehmer 3 landwirtschaftliche Betriebe: einen Milchbetrieb, einen Gemüse- und Rosenzüchter sowie einen Ackerbauer. In der nächsten Ausgabe des „Lëtzeburger Duerf“ wird dies näher beleuchtet.

Laurent FRANTZ
CEJA-Vertreter der LJB & JW

Paulus und die Kirche

Wer von uns Christen spricht, der redet zugleich auch von der Kirche. Das ist richtig so und ebenso wichtig. Christ zu sein, hat damit zu tun, in der Kirche zu leben. Ohne die Kirche ist es nicht möglich, Christ zu sein. Heute sagen nicht wenige, dass dies für sie nicht stimmt. Christ zu sein und in der Kirche zu leben, fällt für sie auseinander. Seit zweitausend Jahren ist aber durch die ganze Geschichte der Kirche hindurch deutlich geworden, dass keiner Christ sein kann ohne die Gemeinschaft der Mitgläubenden, die in und mit der Kirche leben. Paulus macht diese Erfahrung gleich nach seiner Bekehrung. Er erfährt die Hilfe von anderen Jüngern, die ihm zu verstehen helfen, was es bedeutet, Jesus Christus nachzufolgen und in der Kirche zu leben.

Entsprechend lernt Paulus, sich in Streitfragen mit den anderen Aposteln und Gläubigen auseinanderzusetzen. So wird von einer für die junge Kirche bedrohlichen und wichtigen Auseinandersetzung berichtet, die den ersten großen Apostelkonvent in Jerusalem zur Folge hat. Es geht um eine Frage der christlichen Identität, die eng mit dem Judentum und der Bekehrung Vieler zu tun hat, die vorher keine Juden waren. Der Streit ist heftig. Für Paulus

stehen dabei die Wahrheit des Evangeliums und die Freiheit des Glaubens auf dem Spiel. Am Ende steht ein erfreuliches Ergebnis: Die Einheit der Kirche ist nicht zerbrochen. Die Kirche lebt.

Ein anderer Charakterzug der Kirche ist eng mit Paulus und seiner Missionstätigkeit verbunden. Bis heute sind alle Christen eingeladen, ihren Glauben zu bezeugen und dabei alle Grenzen zu sprengen. Paulus hat dabei vor ungefähr 2000 Jahren einen der wichtigsten Schritte getan. Er ist nach Griechenland gegangen - in eine für einen gläubigen Juden christen ziemlich fremde Welt. Später hat Paulus zahlreiche Missionsreisen unternommen. Heute kennen wir seine Wege über das Mittelmeer bis nach Rom genau. Ländergrenzen sind ihm keine Hindernisse, Sprachbarrieren ebenso nicht. Die erste Gemeinde im Norden Griechenlands gründet Paulus in Philippi. Er kommt bis nach Athen und Korinth. Im Zentrum Athens - auf dem berühmten Aeropag über dem Markt vor der darüber sich erhebenden Akropolis - hält er eine seiner berühmtesten Missionspredigten. Als er auf Jesus Christus, dessen Tod und Auferstehung zu sprechen kommt, sagen die Leute: "Darüber wollen wir dich ein andermal hören" (Apg 17,32). Paulus

weiß, dass die Kirche nur wachsen kann, wenn die Menschen das Bekenntnis zu Jesus Christus annehmen und daraus leben. So allein werden alle Unterschiede beseitigt. Die Kirche wird auf diesem Weg zum Ort der Einheit aller an Gott glaubenden Menschen, ohne Rücksicht auf Herkunft und Prägung.

Die katholische Kirche begeht ein besonderes "Paulus-Jahr". Wichtig ist es, Kirche als Gemeinschaft des Glaubens zu leben und dynamisch wie missionarisch mitten in der Welt zu bezeugen. Dafür kann im Sinne des heiligen Paulus die Kirche gar nicht groß genug werden, wenn sie ihre wahre Größe im Sinne Jesu versteht und um Gottes willen für alle Menschen da ist.

Die Größe der Kirche liegt gerade darin, dass sie ihre Botschaft so verkündet und lebt, dass niemandem der Zugang zu Gottes Reich versperrt wird, dass jedem die Möglichkeit der Umkehr offen steht. In der Kirche sollen alle Getauften in dieselbe Nähe zu Jesus kommen wie die Jünger, die zur Mission ausgesendet werden. Die Kirche ist, so Paulus, eben kein Interessenverband, sondern der Lebensraum aller Menschen, denen Jesus Christus die Teilhabe an seinem Leben schenkt.

Franz-Josef Overbeck

Das Geheimnis des Paulus-Sarkophages

Die Tradition sieht für die beiden Apostel Peter und Paul Rom als Ort ihres Martyriums an und so ist die Verehrung mit dieser Stadt verbunden. Anscheinend sind bereits früh zwei Gräber hochgeschätzt worden, die als die der beiden Apostel identifiziert wurden und über denen Kaiser Konstantin nach 320 jeweils erste Kirchen errichten ließ, die später durch größere Kirchenbauten ersetzt wurden.

Auch wenn die archäologischen Zeugnisse und schriftliche Quellen nicht völlig eindeutig sind, besteht doch eine große Wahrscheinlichkeit, dass Petrus unterhalb von Sankt Peter seine letzte Ruhestätte fand.

Paulus, der im Gegensatz zu Petrus mit römischem Bürgerecht ausgestattet war, wurde nach der Überlieferung anschließend an sein Martyrium auf einem heidnischen Friedhof an der Via Ostiense beigesetzt. Sein Grab wurde nachweisbar schon im 2. Jahrhundert verehrt und zum Ziel von Pilgern.

Im Jahre 324 errichtete der erste Kaiser Konstantin über ihm eine kleine Kirche, die ein halbes Jahrhundert später durch einen Monumentalbau ersetzt wurde: die heutige Basilika Sankt Paul vor den Mauern, eine der vier Hauptkirchen Roms. Seit jeher wurde hier das Grab des Paulus verehrt. Vor kurzem legten Archäologen einen römischen Steinsarg frei, der auf den Apostel und Märtyrer Paulus verweist.

Paradoxiere ist aber nicht klar, ob der Paulussarg auch die Gebeine des Paulus enthält. Eigentlich müsste bei einer Öffnung ein Skelett ohne Schädel gefunden werden - das Haupt des Paulus wird nämlich in der Basilika Sankt Johann im Lateran gezeigt. Aber auch weitere Reliquienteilungen, Umbettungen und Nachbestattungen wären nicht unüblich für das frühe Christentum.

Löcher im Deckel des aufgefundenen Sarkophag lassen nichts Gutes ahnen: Pilger ließen dort wohl Stoffstreifen hinunter, um ein durch die Berührung geweihtes Andenken zu erhalten. Und ab und zu dürfte sich dabei auch ein besonders eifriger Pilger ein Stückchen herausgeangelt haben. Jedenfalls wurden die Öffnungen noch in der Spätantike wieder zugemörtelt, und ein kaiserliches Edikt verbot im Jahr 386 - zeitgleich mit der Aufstellung des Sargs im Kirchenraum - das Zerteilen von Reliquien und den Handel damit - wohl nicht ohne Grund. Eine DNS-Untersuchung könnte demnach vielleicht ein makabres Sammelsurium von sterblichen Überresten in dem Sarg zu Tage bringen - oder aber auch gar nichts.

Vorerst behält der Paulussarkophag aber sein Geheimnis. Das Mandat der Archäologen endete sozusagen an der Außenseite des Sarges. Die Entscheidung über den entscheidenden Schritt weiter, die Analyse des Inhalts, steht allein dem Papst zu.

Besucher der Pilgerkirche können aber inzwischen durch ein kleines Fenster unterhalb

des Altars ein Stück des antiken Marmors sehen und sich dem größten Missionar des Christentums näher fühlen als je zuvor.

Nach Augustinus (+ 430) hat sich in der Theologiegeschichte das ganze Mittelalter kaum mit der Gestalt des Paulus und seiner Theologie beschäftigt. Diese setzte erst wieder in der Neuzeit ein und kann durch das vor einem Jahr durch Benedikt XVI. ausgerufen Paulusjahr neue Akzente bekommen.

Franz-Josef Overbeck

Impressum

Herausgabe:

ACML
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Verantwortung:

Aktioun:

Armand Bartz 44 743-251

Duerf:

Leo Wagener 44 743-562
Franz Glodt 44 743-252

Druck:

saint-paul luxembourg

Erscheinungsdatum:

zehn mal jährlich